

# Fondatioun Home St Jean Diddeleng

établissement reconnu d'utilité publique par arrêté grand-ducal du 19 mars 1992  
statuts publiés au Mémorial C n° 297 du 6 juillet 1992

---

## Allgemeng Hausuerdung fir den Home St Jean

### Geduecht fir Lokataire vum Home St Jean

Léif Alleguer,

Dir sidd hei am Home St Jean.

De Chalet gehéiert der FONDATION HOME ST JEAN. Nëmmen duerch den Asaz vu ville Fräiwëllegen konnt dëse Chalet gebaut ginn a kann och elo ënnerhale ginn.

#### Ariichtung vum Haus:

##### Keller:

Dreckschështerraum mat Botzgeschier

(D'Membere vum Grupp St Jean hunn zu all Moment Zougang zu deenen anere Räim, déi och nach am Keller sinn!)

##### Kichen:

Grouse Frigo, Bakewen, Combisteamer, Spullmaschine, Kachgeschier, Porcellain, Waasserglieser, Besteck

##### Grouse Sall:

Dëscher, Still

##### Dortoiren:

2 grouss Dortoiren (eemol 22 Better an eemol 26 Better), Draps-Housses, Pillemen, Kappzichen

KENG Decken

##### Sanitär:

Duschen: am Keller

Toiletten: am Keller, um Rez-de-Chaussée, um 1te Stack

Behënnertentoilette: um Rez-de-Chaussée

Eise Sanitär ass all Kéiers fir Jongen a Meedercher getrennt


#### \* fir eng Lokatioun déi Samschdes oder Sonndes ass:

den Home steet lech vu Samschdes 16.30 Auer un zur Verfügung. An de Schoulvakanken kann den Home och schon éischter genotzt ginn.

#### \* fir eng Lokatioun an der Woch:

den Home steet lech den Dag selwer vu Moies un zur Verfügung

Als Lokatär gët deejéinege betruecht, deen d'Responsabilitéit vun de Leit am Home huet, dofir muss hien sech selwer als groussjäreg ausweise kënnen.



# Fondatioun Home St Jean Diddeleng

établissement reconnu d'utilité publique par arrêté grand-ducal du 19 mars 1992  
statuts publiés au Mémorial C n° 297 du 6 juillet 1992

---

D'Garantie fir d'Home ass ginn, soubal d'Demande an 1 Exemplär vum Règlement vum Home ënnerschriwwen zrëckgeschéckt gi sinn. D'Kautioun vun 250 € muss bis e bëstemmtenen Datum op de CCPL LU51 1111 1067 6060 0000 vun der Fondatioun Home St Jean iwwerwise gi sinn. D'Kautioun gët herno bei der Ofrechnung mat verrechend.

Eise Chalet ass eng „Propriété privée“.

## **Hausregeln:**

D'Gérance vum Chalet HOME ST JEAN ass bénévol. All ufalend Käschten gi gréisstendeels duerch déi regelméisseg Lokatiounen an eisem Chalet gedeckt.

Zesumme mat enger responsabeller Persoun vum Grupp St Jean gët virdrun an dono den Zoustand vun de Raim a vum Mobiliar festgestallt. Fir eventuell Beschiedegungen am, um a ronderëm den Home St Jean ass dee jeeweilige Lokatär haftbar. De Lokatär muss deen entstanene Schued spéitstens beim Verloosse vum Home mellen. All Lokatär kritt 1 Schlëssel vum Home. All verluerene Schlëssel kascht 100 €.


D'Membere vum Grupp St Jean hunn zu all Moment Zougang zu deene Raim vum Home, déi net mat verlount sinn.

## **Engagement:**

De Lokataire engagéiert sech de Loyer ze bezuelen.

Souwuel d'Membere vum Grupp St Jean wéi och d'Lokataire (zousätzlech zum Kontrakt vun der Lokatioun) engagéiere sech folgend Punkten ze respektéieren, wann si am Home St Jean sinn:

- 1) D'Consignes de sécurité, déi de Lokatär erkläert kritt huet, sinn ze respektéieren!
- 2) De Lokatär verpflichtet sech ausserdeem:
  - d'Feierdiren am Chalet net ze blockéieren oder ze kalléieren.
  - d'Feierläscher an d'Schläich nëmmen am Noutfall ze benotzen.
  - beim Benotze vum Uewen am grouse Sall d'Gebrauchsanweisung ze respektéieren.
  - d'Trapenhaus an d'Gäng fräi ze halen an net mat Material ze blockéieren.
  - d'Alarmanlag beim Verloosse vum Chalet ze aktivéieren.
  - net iwwert d'Clôture beim Weiher ze klammen.
  - e Sécherheetsofstand zu de Beien anzehalen.
  - d'Consignen, wat d'Alentouren ubelaangt, ze respektéieren
    - d'Alentoure vum Home St Jean, mat allem wat drop steet resp. gebaut ass (wéi z.B. Scoutskonstruktiounen, Feierplaz, etc) betrieden a benotzen d'Lokataire op eege Gefor.
    - et ass awer verbueden op den Tuerm, deen hannert dem Chalet opgericht ass, eropzeklammen.
    - de Lokataire ass et net erlaabt, de Pizzauewen ze benotzen
- 3) Biller, Noriichten, Formularen, Bastelsaachen, Déco, ... däerfe just op der Pinnwand opgehaange ginn. Et däerf néierens eppes gepecht ginn. Weder d'Dëscher nach d'Schief, d'Diren an de Plafong an eise Säll si keng Pinnwänn. Fir Déco opzehänken




# Fondatioun Home St Jean Diddeleng

établissement reconnu d'utilité publique par arrêté grand-ducal du 19 mars 1992  
statuts publiés au Mémorial C n° 297 du 6 juillet 1992

---

sinn eng Reih Kreep virgesinn. Et ass net erlaabt, Dékoratioun an eise Säll mat Punäsen, Neel, Powerstrips oder Pech festzemaachen.

- 4) D'Ariichtung vum Home St Jean muss respektéiert ginn. Wann eppes futti gemach gëtt, dann engagéiert sech jiddereen engem Member vun der Fondatioun Home St Jean bescheed ze soen. Alles, wat futti gemaach ginn ass, gëtt fakturéiert.
- 5) D'Dëscher musse vum Lokataire propper oofgemaach ginn. D'Dëscher an d'Still aus dem grouse Sall an aus dem Avexsall däerfen net mat eraus geholl ginn. Fir dobaussen si Brauereisdëscher a Bänke virgesinn.
- 6) D'Kichen um Rez-de-Chaussée ass virgesinn fir d'Lokataire. D'Matérial, wat de Lokataire an der Kichen zur Verfügung steet, muss nees propper gespullt eweg geraumt ginn.
- 7) D'Fëmmen ass am ganze Chalet net erlaabt. Jiddereen ass gebieden baussent dem Chalet ze fëmmen. Niewend der Entréesdir an niewend der Garagepaart hänken Äschebecheren. D'Zigarettestëmp gehéieren sech an d'Drecks-këscht, dofir muss jiddereen no der Lokatioun d'Zigarettestëmp, déi um Buedem leien, oprafe goen.
- 8) Et ass net erlaabt am Chalet eng Aktivitéit ze maachen, bei där vill Dampf entsteet (z.B. Dampmaschine, grille bei opener Dir, Fondue, Raclette, Pierrade, etc).
- 9) Am Home St Jean gëtt den Dreck getrennt. Mir hu folgend Drecks-këschten:
  - Hausmüll (rout)
  - Glas (brong)
  - Pabeier (blo)
  - Valorlux (giel)Et ass wichteg, dass jidderee kuckt, wat a wéieng Drecks-këscht gehéiert!!
- 10) lessen an Drénken an den Dortoiren ass verbueden. Och Täschemesseren oder soss spat a scharf Saachen hunn näischt am Dortoir ze sichen.
- 11) Eise Chalet huet 48 Better an 2 Dortoiren. Et däerfen net méi ewéi 48 Leit an eise Chalet schlofen. D'Better an d'Matratzen mussen op hirer Plaz stoe bleiwen. D'Drap-Houssen an d'Kappziche, déi obligatoresch musse benotzt ginn, kritt jiddereen, deem am Home St Jean schléift, zur Verfügung gestallt. Si ginn um Ufank vun der Lokatioun frësch opgezunn vum Grupp, resp. Lokataire. Jidderee muss awer d'Bettgedecks nees ofzëien, an déi dofir virgesinne Maandele leeën an dës Maandelen mat erof an den Drecks-këschterraum bréngen.
  - a. D'Bettgedecks, wat vu Lokatioun benotzt ginn ass, gëtt vu Fräiwëllege gewäsch, gefaalt a gestreckt, an nees ageraumt.
  - b. Wann een sech iwwerginn huet resp. wann engem soss en Accident geschidd ass am Bett, da muss den Drap Housse an/oder d'Kappzich ausgewäsch ginn an och séparat versuert ginn. Sot wegl bescheet, wann esoueen Accident geschidd ass.
- 12) Et däerfe weder Dreck nach eidel Fläschen ronderëm de Chalet leien. Raaft den Dreck op a benotzt wegl d'Drecks-këschten.
- 13) D'Haus MUSS an engem propperen Zoustand verlooss ginn.
  - a. An der Kichen si virun allem d'Kichekachplack, d'Spullmaschine, de Bakewen, de Combisteamer, de Frigo an d'Aarbechtsplacken propper ze hannerloossen.
  - b. D'Geschier, wat benotzt ginn ass, muss propper gespullt an ofgedrechend nees eweg geraumt ginn.



# Fondatioun Home St Jean Diddeleng

établissement reconnu d'utilité publique par arrêté grand-ducal du 19 mars 1992  
statuts publiés au Mémorial C n° 297 du 6 juillet 1992

---

- c. D'Endreinigung vun eisem Home ass no Lokatioune vu Privatleit am Präiss abegraff. De Lokataire engagéiert sech awer, dass de grouse Sall, d'Kichen an de Sanitaire gekiert an, wann et zevill knaschteg ass, naass opgebotzt ginn.
- d. Gruppen engagéiere sech de Chalet zum Schluss vun hirer Lokatioun komplett ze botzen.
- e. Am Fall wou e Grill (Barbecue) benotzt ginn ass, engagéiert sech de Lokatair dësen ze botzen an nees zeréck op seng Plaz ze stellen.
- 14) Den Accès mam Auto bei de Chalet féiert duerch eng Wunnzoon, wou onbedingt op d'Respektéiere vun der **Zone 30** soll geuecht gin.
- Falls de Lokatair eng Weemarkéierung bei de Chalet gemaach huet, muss hien dofir suergen, dass alles no der Lokatioun nees eweg geholl gétt.
- Fir d'Autoe sinn extra **Parkplazen** do, mir parken also nët virun der Garagenentrée an um Parvis vum Home!
- Et ass verbueden mat Gefierer vun all Aart op d'Wisen beim Home St Jean ze fueren!!!
- 15) Ab 22.00 Auer ass d'Nuetsrouh ze respektéieren ronderëm de Chalet. Och wann de Chalet net direkt bei den Haiser läit, läit en awer no un enger Wunnzone. Ween d'Nuetsrouh net respektéiert ass selwer dofir verantwortlech.
- 16) Virum Chalet ass eng Feierplaz. Des Feierplaz ka vum Grupp St Jean a vun de Lokatairen genotzt gin. Et däerf just **Feierholz** verbrannt ginn. Et ass net erlaabt, ob anere Plazen um Site Feier ze maachen. De Lokatair ass verpflichtet säi Feierhoz selwer matzebréngen. Dat Feierholz, wat do läit, däerf just no Récksprooch mat der Fondatioun Home St Jean geholl ginn.
- 17) Virum Verloosse vum Chalet mecht de Lokataire den Tour duerch de Chalet a suert derfir dass all d'Luuchten aus sinn, dass d'Fënsteren zou sinn, dass d'Heizkierperen op „1“ stinn, dass all d'Diren zougspaart sinn, dass d'Rollueden erof sinn, an dass iwwerall an den Toilette Waasser gezu ginn ass.
- 18) D'Diren an d'Fënsteren MUSEN, besonneg während de Wanterméint, zou sinn a bleiwen, och wa Leit am Chalet sinn (ausser natierlech fir ze léften).
- 19) D'Alentouren, an alles wat drop steet, musse propper zeréck gelooss ginn!
- 20) D'Konstruktionsholz, wat beim Chalet läit, däerf nëmme benotzt ginn no Récksprooch mat der Fondatioun Home St Jean. D'Konstruktionsholz däerf op kee Fall duercheseet ginn an et däerfen och keng Neel bei Konstruktioune benotzt ginn.
- 21) Je no Wiederkonditioune kann d'Fondatioun Home St Jean net garantéieren, dass de Wee bis bei d'Home, resp dass d'Trapen bis erop bei d'Fichterdir propper sinn (Ais, Schnéi, ....)

Ech, \_\_\_\_\_, hunn d'Hausuerdung vum Home St Jean gelies an ech verpflichte mech, dës Hausuerdung ze respektéieren.

\_\_\_\_\_  
Ënnerschrëft